

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Am Kader vun der aktueller Canicule konnten ënner anerem an England op verschiddene Strecken zäitweileg keng Zich méi fueren, well sech d’Gleisen duerch déi grouss Hëtzt verformt haten.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*


- *Ass et zu Lëtzebuerg och scho virkomm, dass sech Gleisen wéinst der Hëtzt verformt hunn?*
- *Wéi geet d’CFL mat dësem Risiko, deen an den nächste Joere weider klamme wäert, ëm? Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir z’evitéieren, dass Zich ausfalen, well se net méi op de Gleise fuere kënnen?*
- *Inwéifern ass den Tramsreseau vum selwechte Risiko betraff? Wéi geet Luxtram mat dësem Risiko ëm?*
- *Wéi eng aner Elementer vun der Mobilitéitsinfrastruktur kéinten duerch eng Hëtztwell sou staark belaascht ginn, dass se ausfale kéinten? Wéi gëtt sech op déi Eventualitéit preparéiert?“*

Mat déiwem Respekt,


9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



Max HAHN  
Deputierten



Claude LAMBERTY  
Deputierten